ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°6211
Reçue le 18.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 18.05.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2022

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Ënnert dem Här Minister huet de Schoulministère een „Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild in Schulbüchern" erausginn. Dëse Leitfaden huet op Grond vun enger Partie ëmstriddenen Aussoen zënter senger Veröffentlechung ëmmer erëm fir Erstaunen an Onverständnis gesuergt.

An deem Kontext wollt ech eng Parti Froen un den Här Minister riichten:

1) Am Leitfaden steet geschriwwen: "Nicht der Staat reguliert durch Erlasse, sondern die Menschen durch ihren alltäglichen Sprachgebrauch." Op der anerer Säit gëtt awer am Leitfaden festgeschriwwen, wéi d'Mënschen (an dësem Fall d'Schüler an d'Léierpersonal) an Zukunft ze schwätzen hunn a wat fir Wierder an de Schoulbicher ze stoen hunn. Esou sollen elo Wierder wéi "Lehrende" (amplaz vu Lehrer) benotzt ginn, déi awer am alldeegleche Sproochgebrauch vun de Mënschen net virkommen. Kann den Här Minister preziséieren, firwat de Staat hei eng Benotzung vu Wierder virschreift, entgéint dem alldeegleche Sproochgebrauch vun den Mënschen an entgéint der uewe genannter Premisse?
2) Weider steet am Leitfaden: "Frauen sollten nicht grundsätzlich kleiner und zierlicher abgebildet werden. Auf stereotype sexualisierte Darstellungen (Geschlechtermerkmale wie Brüste (...)) sollte in bildlichen Darstellungen grundsätzlich nicht zurückgegriffen werden." Zu Lëtzebuerg läit d'Duerchschnëttsgréisst vun den Frae bei ronn 165 cm an déi vun de Männer bei ronn 179 cm. Kann den Här Minister an deem Zesummenhang erklären, firwat d'Realitéit an de Schoulbicher also soll gefälscht duergestallt ginn? Kann den Här Minister weider erklären, firwat d'Fraen ouni Broscht duergestallt solle ginn? Ass den Här Minister net der Meenung, dass ee Fra a Mann esou sollt duerstellen, wéi se a Wierklechkeet och sinn?
3) Weider soll een an de Schoulbicher, laut Leitfaden, „die bildliche Darstellung von Frauen als (...), (ein Kind) Stillende, (...) vermeiden". Kann den Här Minister hei seng Oppositioun géint Mammen, déi hir Kanner nieren, erklären? Aus wéi enge Grënn solle Mammen, déi nieren, net a Schoulbicher virkommen?
4) Plangt den Här Minister eventuell Ännerungen un dësem Leitfaden, respektiv de Leitfaden zréckzezéien?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup,
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6211 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

De *Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild* ass en Dokument, dat sech haaptsächlech un d'Auteure vu Schoulbicher a -materialien am SCRIPT riicht. Et ass deemno keng Virschrëft vum Staat un d'Bierger.

**Ad 2)**

Ech deelen dem honorabelen Deputéierte seng Aschätzung, datt Fraen a Männer an där Diversitéit sollen duergestallt ginn, wéi se a Wierklechkeet och sinn. Dofir solle Fraen a Schoulbicher net grondsätzlech méi kleng an zierlech duergestallt ginn an op eng stereotypesch sexualiséiert Duerstellung verzicht ginn.

Wat d'Duerstellung vun der weiblecher Droscht ugeet, sou steet am "Leitfaden": *"(...) Die bildliche Darstellung mit expliziten sexuell herausgestellten Attributen (wie großen Brüsten; tiefem Ausschnitt oder kurzen Röcken) vermeiden".*

**Ad 3)**

Hei goufen am "Leifaden" fir Auteuren vu Schoulmaterialien e puer Beispiller ugefouert, déi verdäitleche sollen, wéi stereotypiséiert Duerstellungen verhënnert kënne ginn : *" (...) Die bildliche Darstellung von Frauen als passiv Zuhörende, (ein Kind) Stillende, zu Männern Aufschauende und Frauen bei der häuslichen Arbeit (am Kochtopf oder beim Putzen) vermeiden"*. Dat heescht natierlech net, datt an engem Léierkontext, an deem et z. B. ëm d'Niere geet, dat net och gewise soll ginn.

**Ad 4)**

Sou wéi all "Leifaden" am SCRIPT, deen intern gebraucht gëtt, gëtt och dëse "Leitfaden" stänneg weiderentwéckelt.

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH